Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. September 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Minister fir ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

Mam Gesetz iwwer d'Renovatioun an d'Upassung vum Thermalbad zu Munneref gouf d'Regierung autoriséiert, sech an Héicht vun 133 Milliounen Euro un de Moderniséierungskäschte vum lo just genannten, gesondheetlechen Institut ze bedeelegen. Am Exposé des Motifs vum entspriechende Gesetzesprojet hat d'Regierung d'Demande fir dës Participatioun ënner anerem follgendermoosse begrënnt:

"*Bien conçu, bien construit et bien entretenu, il présente actuellement des soucis liés à son âge. Une rénovation de l'enveloppe, des toitures, des façades et des châssis est indispensable. La rénovation des deux piscines thermales, fortement détériorées par une eau thermale acide est incontournable. Une réflexion sur la gestion des énergies et d'un assainissement énergétique global avec mise à niveau des techniques s'avère indispensable. Une mise en conformité visant à répondre aux règlements actuels en vigueur, en matière de sécurité et de santé, tant pour les visiteurs que pour le personnel, est également programmée.*

Esou wéi et mir zougedroe gouf, hunn d'Renovatiounsaarbechte bis ewell allerdéngs nach guer net ugefaangen. Réckbléckend ka sech eng gewëss Verzögerung verständlecherweis duerch d'COVID-Situatioun erkläre loossen, déi allerdéngs well och bal zwee Joer hannert eis läit.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär follgend Froe stellen:

1) Kann d'Regierung confirméieren, datt déi entspriechend Renovatiounsaarbechten nach ëmmer net ugefaangen hunn? Falls jo, wéi erkläert d'Regierung dës laang Verzögerung a wéi een Delai ass aktuell fir de Start vun den Ëmbauaarbechte virgesinn?
2) Wéi eng provisoresch Moossname goufe geholl, fir de Gesondheetsschutz vun de Patienten an dem Personal trotz deene vun der Regierung genannten aktuellen, baulechen Onzoulänglechkeete vun der Ariichtung bis zum Ofschloss vun den Aarbechten ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten